
# Examen

Wat muss ech den Dag vum Exame maachen?

**Den Titulaire ass 15 Minutten virum Examen an der Hal.**

## An der Hal :

**Blieder / Questionnaire**




1. D'Titulaire maachen hir Paraphe an de Stempel op d'Examensblieder déi um Dësch stinn.
    - d'Manon bréngt d'Blieder mat an de Sall. Et ass fir all Examensessioun eng aner Faarf Stempel op de Blieder.
2. Soubal d'Direktioun den "GO" gëtt kritt all Schüler **3 Blieder (A4)** fir unzefänken ausgedeelt. Et ass egal, ween weem Blieder gëtt. (also net just senge Schüler)
3. Vum Manon kréien d'Schüler hiert A3 Examensblat, wou d'Schüler zum Schluss all hir eenzel Blieder mussen dra leeën.
4. D'Direktioun gëtt den Titulairen d'Enveloppë mat de Questionnairen vun hirem Fach. Déi ginn och réischt mam "GO" vun der Direktioun opgemaach.
5. D'Direktioun seet wéini d'Titulairen dierfen ausdeelen, emgedréint op d'Bänk. **OPPASSEN** : De Corrigé ass ëmmer faarweg, net ausdeelen a net domadder duerch d'Reien zirkuléieren! 😊 (deen ass an der Enveloppe bei de Questionnairen)

**CAR**

- Wann de Schüler um Computer schreift :
    - De Luc an de Steve sinn au courant vun deene Schüler an si kommen och virun der Zäit an den Examenssall fir de Computer + Stick ze installéieren
    - Wann de Schüler éischter fäerdeg ass mat schreiwe wéi virgesinn, rifft den Titulaire dem Luc oder Steve un, a si kommen dann rof fir d'Kopie ze printen.
    - D'Titulaire passen op, dass de Schüler keen anere Stick an de Computer stécht.

D'Schüler déi eng CAR Mesure hunn, setzen sou gutt wéi et geet regroupéiert am Sall.

**Dictionnairen**

All Departement muss am Virfeld klären ob d'Schüler hir eegen Dictionnairen dierfe benotzen oder ob et déi vun der Schoul musse sinn.

Dann muss den Titulaire sech och drëm këmmeren, dass déi Dictionnairen déi gebraucht ginn an d'Hal kommen.

**Allgemeng Informatiounen**

- Um Dësch am Examenssall leit ee klengen Handy mat den Telefonsnummere vum Sylvie W., Sylvie S., Manon S, Luc E. a Steve G. . Deen ass au cas d'urgence do wann dir un ee musst kommen, respektiv wann ee Feeler am Examen ass rifft eng vun deene Persoune rof an den Examenssall un.
- D'Titulairë passen op, dass de Schüler keng Auer unhuet.
- De Schüler hir Schachtel muss duerchsichteg sinn.
- Wann ee Schüler ee Blat brauch, dann deelt dir hinnen Eent aus. Och wann et net äre Schüler ass.
- Wärend den Examen, muss dir reegelméisseg duerch de Sall zirkuléieren. Et ass net erlaabt just do ze setzen an aner Saachen ze maachen.

## D'Schüler si fäerdeg mat schreiwen :

1. D'Schüler leeën hir Kopie an d'Boîte, déi fir hir Klass virgesinn ass. (hëlleft hinnen! 😊 )
2. Den Titulaire kontrolléiert soubal de Schüler seng Kopie an d'Boîte leet :
    a. ob all d'Blieder do sinn,
    b. ob all Säit nummeréiert ass (1/8, 2/8, 3/8, …)
    c. se am A3 Blaat leien, dass d'A3 zougepecht ass
    d. an an der richteger Enveloppe ass (déi leit bei der Boîte)
    e. wann de Schüler ee Brouillon huet, muss deen bei deenen anere Blieder dobäi leien mee muss net nummeréiert sinn
3. Den Titulaire kritt d'Kopien an der Enveloppe mat fir direkt ze verbesseren. **OPPASSEN** : Et gëtt **NET** op d'Originalkopie geschriwwen !

## Wann den Titulaire fäerdeg mat verbesseren ass :

1. paraphéiert hien op der Enveloppe bei sengem Numm
2. dréit en d'Enveloppe bei d'Manon an d'Sekretariat
3. dréit en d'Punkten am Fichier Bac an

➔ d'Délais de correction stinn an der Brochure vum MEN

D’Resultater komme raus …

Et gi **5 Zenarien** :

1. **épreuve complémentaire(s) facultative(s) :**
   - de Schüler mellt sech un oder of am Sekretariat
   - de Schüler hëlt Kontakt mam Titulaire op, fir ze kucke wat ze léieren ass
   - den Titulaire schreift seng eegen Épreuve an décidéiert wat de Schüler ze léieren huet

2. **épreuves complémentaire(s) obligatoire(s) :**
   - de Schüler ass automatesch ageschriwwen
   - de Schüler hëlt Kontakt mam Titulaire op, fir ze kucke wat ze léieren ass
   - den Titulaire schreift seng eegen Épreuve an décidéiert wat de Schüler ze léieren huet

3. **ajournement(s) facultatif(s) :**
   - de Schüler mellt sech bis spéitstens de 15. Juli am Sekretariat un oder of
   - d’Matière fir ze léieren ass déi selwecht wéi am Mee/Juni

4. **ajournement(s) obligatoire(s) :**
   - de Schüler ass automatesch ageschriwwen
   - d’Matière fir ze léieren ass déi selwecht wéi am Mee/Juni

5. **refus avec 2e session :**
   - de Schüler muss seng schrëfltech Demande bis spéitstens de 15. Juli am Sekretariat ofginn
   - de Schüler schreift nach eng Kéier all seng Examen. D’Sessioun vum Mai / Juni zielt do net méi.

## Praktesch Detailer

**Épreuve complémentaire :**

- d’Épreuven ginn op Examenspabeier geschriwwen (och do ass ee faarwege Stempel drop an och déi gi vum Titulaire paraphéiert)
- d’Épreuve dauert 1 Stonn (fir jiddereen)
- d’Épreuve gëtt direkt duerno vum Titulaire (gëtt net vun engem 2. verbessert) verbessert an d’Sylvie kritt d’Resultat an och d’épreuve

**Ajournement facultatif / obligatoire :**

- selwecht wéi am Examen (Blieder paraphéieren, ausdeelen, d’Direktioun bréngt de Questionnaire mat)
- nom Noexame geet den Titulaire direkt mat der Kopie an d’Sekretariat fir, dass d’Manon d’Fotokopoien ka maache fir déi aner Korrekteren
- den Titulaire gëtt d’Resultat sou séier wéi méiglech an de Fichier BAC an

➔ all Détailer vun dëser Säit fann dir an der Brochure vum MEN